

Lëtzebuerg, den 16. Juni 2020

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Baute weiderzeleeden:

*« D'Prioritéit fir d'Fäerdegstellung vun der Vëlospist PC 35 (al PC 38) ass rezent vun 2 op 1 ëmklasséiert ginn. Tatsächlech muss nach just d'Ënnerféierung vun der N5 op der Héicht vun der Gréivelsbarrière realiséiert an de Belag am Bësch frësch gemaach ginn, fir eng duerchgehend Verbindung fir de Vëlo vu Suessem, iwwer d'Gemengen Dippech a Bartreng, bis an d'Stad ofzeschlëssen.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Baute folgend Froe stellen:*

- Wéini gëtt de Belag am Bësch erneiert?*
- Wéini gëtt d'Ënnerféierung vun der N5 realiséiert?*
- Wéi laang wäerten des Aarbechten daueren? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN  
Deputéierten

Frank COLABIANCHI  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu